N°1362
Entrée le 15.10.2024
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 15.10.2024

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 15/10/2024

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Wunnengsbau & Famill, Solidaritéit an Integratioun weiderzeleeden.**

An der Äntwert op meng parlamentaresch Fro n°1113 vum 20. August 2024 huet de Minister fir Wunnengsbau a Landesplanung iwwer d'Situatioun vun der Gestion Locative Sociale (GLS) informéiert. De Minister huet bestätegt, datt e Moratoire op de Loyere besteet an datt d'Proprietären informéiert goufen. Zousätzlech gouf matgedeelt, datt déi nei Struktur "HUT - Hëllef um Terrain" d'GLS wéilt weiderféieren an datt de Ministère eng nei Konventioun mat dëser Struktur preparéiert.

Säit dëser Äntwert ass elo e gewëssen Zäitraum vergaangen. D'Situatioun vun der GLS ass awer weiderhi fir vill Bierger, souwuel Proprietäre wéi och Locatairen, vu grousser Bedeitung. Et ass wichteg ze verstoen, wéi de Ministère dës komplex Transitioun geréiert a wéi d'Rechter an Interête vun alle Bedeelegte geschützt ginn.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Wéi eng konkret Decisiounen huet de Ministère zënter der leschter Äntwert a Bezuch op d'GLS geholl?
2. Wéi gesäit de geplangten Oflaf vun der staatlecher Garantie fir d'Loyeren aus a wéini kënnen d'Proprietäre mat enger Bezuelung rechnen?
3. Wéi genee soll den Transfert vun de Kontrakter tëscht der Caritas an der neier Struktur "HUT" oflafen, besonnesch well d'Proprietären an d'Locatairen aktuell Verträg mat der Caritas hunn?
4. Wéi eng Moossnamen hëlt de Ministère fir sécherzestellen, datt d'Rechter an Interête vu Proprietären a Locatairë wärend dëser Iwwergangsperiod geschützt sinn?
5. Wéi eng Zäitschinn ass fir dësen Transfertprozess virgesinn a wéini kann een domat rechnen, datt de System nees vollstänneg funktionéiert?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven

Deputéierten